



**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Ëmmer nees kënnt et vir, dass Jugendlecher z.B. vun doheem oder aus engem Foyer fortlafen. Eng sougenannte „Fugue“ ass ëmmer och Ausdrock vun engem Malaise, vun enger Onzefriddenheet. Fir déi betraffe Jugendlech ass d'Flucht deemno dacks eng Zort Léisung fir hir Problemer, oder et ass en Hëllef, fir op sech opmierksam ze maachen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten :

- Huet de Ministère détailléiert Statistiken zu de Jugendlechen, déi eng Fugue gemaach hunn?
  - Wa jo, kann den Här Minister eis driwwer informéieren:
    - wéi vill Jugendlecher zënter 2013 pro Joer eng Fugue gemaach hunn;
    - wéi al dës Leit sinn;
    - wat hir Grënn dofir waren;
    - wat hinne während hirer Fugue widderfuer ass;
    - wéi, wou a vu wem si no hirer Fugue begleet gi sinn.
- Wann net, kann den Här Minister eis erklären, firwat keng Statistik iwver dës Problematik gefouert gëtt an ob geplangt ass, dat an Zukunft ze maachen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles

Deputéierten

Max Hengel

Deputéierten



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7517 vun den honorabelen Deputéierte Paul Galles a Max Hengel**

Jugendlecher, déi vun doheem fortlafen, entzéien sech der Opsicht vun hiren Elteren, an d'Responsabilitéit fir esou eng Fugue den Autoritéiten (Police grand-ducale) ze mellen, läit deementspreechend fir d'éischt emol bei den Elteren.

Fir de Fall, wou Professioneller vun der Educatioun Kenntnis vun enger Fugue kréien an eng Gefor fir d'Wuel vum Jugendleche besteet, hu si natierlech d'Obligatioun, dëst de concernéierten Autoritéiten (Police a Parquet) ze mellen. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) en tant que tel huet awer keng Kompetenz am Beräich vun de Fuguen.

Jugendlecher, déi aus enger Institutioun vun der Aide à l'Enfance et à la Famille wei z. B. aus engem Centre d'accueil de jour et de nuit fortlafen, müssen deemno direkt beim Parquet gemellt ginn. De Gestionnaire vun engem Centre d'accueil de jour et de nuit ass net gebonnen, dem Ministère dës Donnéeën matzedeelen. Allgemeng ass de MENJE net kompetent fir d'Dokumentatioun an d'Erfaasse vu Fuguen op nationalem Niveau.

De MENJE leet awer grouse Wäert op d'Wuelbefanne vun deene betraffene Jugendlechen a Familljen, déi duerch déi kompetent Servicer ënnerstëtzt ginn.

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH